N°5971
Reçue le 22.04.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

Äntwert vun der Finanzministesch Yuriko Backes op d'parlamentaresch Ufro n°5971 vum 23. Mäerz 2022 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen iwwert d'Tankkarten

Den honorabelen Deputéierte stellt eng Rei Froen am Zesummenhang mat verschidden Artikelen, déi an der leschter Zäit an der lëtzebuergescher esou ewéi an der däitscher Press publizéiert goufen zum Thema vun de sougenannten Tankkarten.

D'Employeure kenne mat Energiekonzerner spezifesch Kontrakter ënnerschreiwen, fir datt déi hinnen Tankkarte fir hir Salariéen zur Verfügung stellen, déi domadder op ausgewielten Tankstellen - zum Deel och - méi bëlleg tanke kënnen. De Prinzip vun enger Tankkart gläicht deem vun enger Kreditkaart, just datt si nëmme bei verschiddenen Tankstelle kennen agesat ginn fir ze bezuelen.

Et ass fir d'éischt drop hinzeweisen, datt d'Notze vun Tankkarte vertraglech tëschent deene spezialiséierte Firmen a de Patrone gereegelt gëtt. D'Konditioune vum Vertrag ginn exklusiv tëschent deenen zwou Parteie bestëmmt, déi och beinhalte kennen, datt d'Salariéë op ausgewielten Tankstelle méi bëlleg tanke kennen. De Staat huet deementspriechend keng Informatiounen derzou, wat an deene Verträg festgehalen gëtt. Tankkarten, déi fir privat Zwecker zur Verfügung gestallt ginn, stellen een a*vantage en nature* duer, deen deementspriechend ze versteieren ass.

Des Weideren ass drop hinzeweisen, datt souwuel de Gesamtvolume vun Diesel a Bensinn, déi mat Tankkarte bezuelt ginn, ewéi d'TVA, déi am Zesummenhang mat fossillen Dreifstoffer zeréckbezuelt gëtt, statistesch net erfaasst ginn.

Lëtzebuerg, den 21. Abrëll 2022

D'Finanzministesch

(s.) Yuriko Backes